

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. September 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden echlech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm
Ëmweltministesesch weiderzeleeden.

Am Beräich vun der Ëmweltpolitik liest an héiert een ëmmer nees, souwuel bei ale Beem oder Gemeier, déi musse fir Neibaute wech gerappt ginn, ewéi och bei Afluchschneisen an d'Dierfer oder och nach bei Ausweisung vu Naturschutzgebidder, datt, esou bal Flantermais betraff sinn, besonnesch Precautioune misste getraff ginn, fir dës Aarten, respektiv hiren Habitat, ze schützen. All déi verschidden Zorte vu Flantermais, an et sinn der iwwert eng Dosen zu Lëtzebuerg, si jo menges Wëssens no streng geschützt, bei eis, ewéi och soss an Europa. An engem rezente Rapport vum *Observatoire de l'environnement naturel* vum 9.9.2020 war dann och ze liesen, datt ë.a. d'Flantermais am oppene Land zu deenen am meeschte menacéierten Aarte gehéieren.

Al Minnen, wou fréier virun allem Eisenäerz ofgebaut gouf, gehéieren haut zu deene wichtege Wanter- a bei verschiddene Fliedermauszorten och Summerquartéieren. Sou gouf rezent z.B. zu Uewerkuer den Agang vun enger aler Minn, der Minn Renkert, nees fräigeluecht an et konnten, esou wäit ech weess, och ewell kuerz duerno Flantermais aus de Grouwen eraus observéiert ginn.

Parallel dozou plangt e private Promoteur e Wandpark um Plateau iwwert dësse Galerien ze erriichten. Well dee Plateau allerdéngs duerch déi fréier ënnerierdesch Aktivitéiten onstabil ass, wat rezent duerch Buerungen och confirméiert gouf, a sech dowéinst *a priori* net fir déi 2000 Tonne schwéier Wandmillen eegent, ass elo am Kader vun deene geologesche Sondagë proposéiert ginn, fir entweder Bëtong vun uewen an d'Galerië lafen ze loosse oder awer sougenannte Pieux, d.h. Bëtongspillieren, ënnert den Niveau vun der ënneschter Galerie ze bueren an ze verfellen (http://www.diffwand.lu/wp-content/uploads/2020/06/B2.2_Solarpower-Zusammenfassung-Untergrunderkundung_FR.pdf). Dat bedeit jo awer, datt den Habitat vun de Fliedermais an där Minn Renkert de Risiko leeft, substantiell gestéiert, oder esou guer ganz zerstéiert ze ginn.

An deem Sënn wéilt ech dës Froen un d'Madamm Ëmweltminister riichten:

1. Wéi eng Positioun vertritt den Ëmweltministère am Kader vun Naturschutzgenemegungen am Hibleck op Projete fir ënnerierdesch Galerien ze verfellen, also och Forage bis

ënnert den ënneschten Niveau vu Galerien ze autoriséieren? Wéi beaflosst d'Presenz vu Flantermais an esou Galerien d'Positioun vum Ëmweltministère?

2. Priméiert an esou Fäll, wou een sech an oder an direkter Noperschaft zu engem Naturschutzgebitt befënnt den Naturschutz oder geet dësen zu Laaschte vun der Energiepolitik?
3. Gëtt et Wandparkkadaster, déi de Promoteuren am Virfeld wichteg Informatiounen zu méigleche Constraintë liwweren, besonnesch am Beräich vum Ëmweltschutz, esou datt net onnëtz Gelder a Projete gestach ginn, déi méiglecherweis aus Ëmweltschutzgrënn net kënne realiséiert ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten